Den Änder Bausch ass gestuerwen

Den 28. Juli huet den Änder Bausch sech strummschiebes gemaach. Den Änder Bausch wor een echte Weimeschkiercher. Hien ass zu Weimeschkierch am Mäertesgronn gebuer an och do opgewues. Souwuel mënschlech wéi kulturell wor hien eng grouss Perséinlechkeet.

Et wor him ganz besonnesch dru geleeën d'Geschicht an d'Liewe vun de Lakerten ze verzielen an duerch hien ass de Lakerteschmus nees opgegraff ginn a sou munchereen huet sech och nees getraut dës Geheimsprooch ze schwätzen. Mam Oldmëchel Änder verléiere mir net nëmmen e gudde Frënd mä och en intressanten a wertvolle Mënsch dee mir ni wäerte vergiessen.

Den Änder Bausch huet Gedichter, Prosatexter a Lidder mat jéinesche Wierder publizéiert. Op dat lo "En traurege Knëff" wor oder "D'Lompekréimer", d'Melodie vun senge Lidder huet hien sech ëmmer selwer erduecht an och selwer op senger Mondharmonika gespillt.

Vun all senge Lidder déi mir zesummen opgeholl hunn, wor et ower eng Melodie déi ons besonneg gudd gefall huet an zwar déi vum Lakerte Blues. Mam **Lakerte Blues** ass him e kléngt Konschtwierk gelongen mat deem mir hien wëllen a bëschter Erënnerung behalen.

De Lakerte Blues ukucken: Hei klicken!